



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 5714 vum 8. Februar février 2022 vum honorabelen Deputéierte vun Monsieur le Député Léon Gloden.

Den honorabelen Deputéierte stellt sech Froen iwwert Camionen déi sech net un d'Transitdispositiounen halen.

De beschriwwene Phänomen vun den Camionneuren am Transitverkéier, déi onerlaabterweiss vun der Autobunn eroffueren fir tanken ze goen ka vun der Police net beluecht ginn.

D'Problematik vum Transitverkéier gouf schonn an de parlamentaresche Froen No. 687 vum 13. Mee 2019 vun der honorabeler Deputéierter Carole Hartmann an No. 5657 vum 2. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Carlo Weber traitéiert. Obwuel et sech bei der Fro No. 687 spezifesch ëm d'lechternacher Transitstreck gehandelt huet, bleiwen d'Problematik an d'Léisungen ëmmer déi selwecht.

Esou sinn am ofgeännerte groussherzogleche Reglement vun 5. Mee 1994 iwwert den Transitverkéier (RGD du 5 mai 1994 limitant la circulation de transit sur une partie de la voie publique), woubäi den Transit am Artikel 1 wéi follegt definéiert ass "mouvement caractérisé par le fait que le véhicule en question ne fait l'objet d'aucune rupture de charge sur le territoire du Grand-Duché", dann och kloer d'Itinerären opgelëscht déi vu Camionen déi am Transit sinn agehale gi mussen.

Fir d'Camionschaufferen op dës Gesetzgebung opmierksam ze maachen, stinn um ganze Reseau op de betraffene Plaze speziell Schëlde déi sech un den Transitverkéier adresséieren.

Wat elo d'Situatioun op der A1 bei der Ausfaart Mertert/Waasserbëlleg ugeet, sou sinn d'Offaarte Waasserbëlleg (Échangeur 15), Mertert (14) a Potaschbiérg (13) fir Gefierer déi ënnert d'Dispositiounen vun der Transitgesetzgebung fale gespaart. Ausserdem dierfen dës Gefierer um CR141 hannert dem Rondpoint bei der Aire zu Waasserbëlleg net a Richtung vun der N10 fueren, mat Ausnam vum Traffic a Richtung "Schotterwerk Moersdorf".

An deem Zesammenhang muss och festgehale ginn, dass de Gros vun de Camionen, déi sech ausserhalb vun den Transitstrecke befannen, net zwangsleefeg géint d'Transitbestëmmunge verstoussen. Vill vun dese Camionen fueren entweder Industriezonen un, kommen aus dem Ausland iwwert eng Nationalstrooss an d'Land eran oder mussen zum Beispill an den Hafe vu Mäertert. An dese spezifesche Fäll verstéisst de Camionneur dann och net géint d'Transitbestëmmungen.

D'Police ass kontinuéierlech bestriegt, am Beräich vum Transitverkéier punktuell a spontan Kontrollen duerchzeféieren, an zwar e puer Mol an der Woch an dat op alle bekannten Transitstrecken. Des Weideren ginn och op deene selwechten Transitstrecken e puer Mol am Joer gréisser Kontrollen organiséiert. Wann een elo awer d'Zuel vun de sanktionéierte Verstéiss géint d'Transitbestëmmunge vun deene leschte 4 Joer kuckt, muss ee feststellen, dass déi vun 1255 am Joer 2018, 930 am Joer 2019, 370 am Joer 2020 op schliisslech 276 am Joer 2021 zeréckgaange sinn. Och wann dëse Réckgang sech, virun allem fir d'Joren 2020 an 2021, zum Deel duerch d'Mesuren déi souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am europäeschen Ausland am Kader vun der Covid-19 Pandemie getraff goufen an en direkten Afloss op de Stroosseverkéier haten erkläre léisst, kann een trotzdem zeréckbehalen, dass d'Zuel vu konstatéierte Verstéiss verhältnisméisseg kleng ass par rapport zum tatsächleche Camionstrafik op deene jeeweilegen Transitstrecken.

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2022.

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch